



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Économie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, a vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n°4180 vum 3. Juni 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert en Industriesite an der nationaler Wirtschaftszone "Wolser B" zu Diddeleng.**

A senger Fro vum 3. Juni 2026 verweist den éierewäerten Deputéierten op eng ëffentlech Ausschreiwung, déi den 9. Juni 2026 gemaach gi wär. Gemengt ass hei awer wuel eng ëffentlech Ausschreiwung, déi den 8. Mee 2026 publizéiert ginn ass. Déi Ausschreiwung betrëfft d'Hal "HDG" (fréier Galvalange) um site "Liberty" am Wolser B, déi zesummen mat der Hal "ELO" (fréier Giebel) aus der Masse vun der Faillite vun der Gesellschaft Liberty Liège — Dudelange (LU) S.A. vum Staat eraus kaaft ginn ass.

An der Ausschreiwung geet et awer net dorëm "*een Industriesite an der Wirtschaftszon (ZAE) Wolser B zu Diddeleng ofzerappen an ze sanéieren*", mee dorëm an den existenten Halen vum fréieren Site Galvalange déi do nach bestoend Produktiounsanlagen ofzebauen. D'Halen selwer souwéi déi bestoend Infrastrukturen bleiwen erhalen.

**1. Wäert de Wirtschaftsministère dësen Terrain no der Sanéierung selwer notzen, a falls jo, fir wéi ee konkreten Zweck?**

Et gëtt op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3202 vum 17. November 2025 verwisen, wou déi doten Fro schonns beäntwert gouf.

**2. Falls de Site no der Sanéierung fir privat wirtschaftlech Aktivitéite virgesi soll sinn, firwat iwwerhëlt de Staat an dësem Fall d'Käschte vun dëser Sanéierung?**

Et handelt sech an der a Fro stoender Ausschreiwung net ëm en Optrag fir eng Sanéierung vum Site, mee em den Ofbau vu Produktiounsanlagen an Halen, déi zanter dem 2. Mäerz 2026 dem Staat gehéieren. Doriwwer eraus ass et och esou, dass d'Gesellschaft Liberty Liège — Dudelange (LU) S.A., déi an der Faillite ass, net méi iwwer déi néideg finanziell Mëttelen verfüegt fir eng Sanéierung selwer ze finanzéieren.

**3. War d'Firma, déi dës Infrastrukturen virdrun genotzt huet, eng klasséiert Firma am Sënn vum ofgeännerten Commodo-Incommodo-Gesetz vum 10te Juni 1999? Falls jo, ënnert wéi enger Klass an Nomenclature?**

Déi Firma, déi virum 2. Mäerz 2026 nach Propriétaire vun den Halen war, hat eng Geneemegung vun der Klass 1 nom ofgeännerte Gesetz vum 10. Juni 1999 betreffend klasséiert Etablissementer, fir déi follgend klasséiert Etablissementer:

040609 03 02 Métallurgie - installations destinées à la transformation des métaux ferreux: application de couches de protection de métal en fusion avec une capacité de

traitement de 64 tonnes d'acier brut par heure (2 lignes de revêtement à chaud Al - Zn - Si de tôles en acier)

- 040612 01 01 Métaux : traitement de surface par un procédé électrolytique ou chimique avec un volume des cuves affectées au traitement de 8 m° (dégraissage électrolytique)
- 040612 02 Installations de traitement des métaux, utilisant un procédé thermique (fours de recuit)
- 040610 08 01 Ateliers de travail de métaux et de mécanique générale se situant dans une zone d'activités autorisée au titre de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés
- 010201 02 Des compresseurs, d'une puissance électrique nominale totale de 480 kW
- 010203 05 Gaz et mélanges de gaz comprimés ou liquéfiés ou maintenus dissous (classés H280),  
010203 07 stockés dans :  
- des récipients mobiles, d'une capacité totale de 12.000 l  
- des réservoirs fixes, d'une capacité totale de 307.000 l
- 010128 01 Substances et mélanges classés dans les catégories de dangers les plus graves  
010128 03 02 (mention 010128 02 02 d'avertissement « danger ») et non spécifiés à un autre point:  
010128 02 02 - transvasement dépassant les 100 kg par jour  
- dépôt maximum de 30.000 kg de substances et mélanges solides  
- dépôt maximum de 71.000 l de substances et mélanges liquides
- 01012901 Substances et mélanges classés comme dangereux (mention d'avertissement «  
010129 03 02 attention » ou sans mention d'avertissement) et non spécifiés à un autre point :  
- transvasement dépassant les 300 kg par jour  
- dépôt maximum de 18.000 l de substances et mélanges liquides
- 050109 02 02 Stockage temporaire de déchets dangereux (autres que déchets routiers) d'une capacité maximale de 36 tonnes
- 060206 Laboratoires de recherches ou d'analyses physico-chimiques
- 070111 03 Des transformateurs, d'une puissance électrique nominale totale maximale de 70 MVA
- 070209 03 Installations de production de froid, d'une puissance frigorifique totale de 550 kW, contenant un total de 200 kg de fluides réfrigérants
- 070210 02 04 Installations de combustion, d'une puissance thermique nominale totale de 1.800 kW (fours de séchage)
- 070211 01 Des systèmes de refroidissement évaporatifs par dispersion d'eau dans un flux d'air généré par ventilation mécanique d'une puissance de 62 kW (2 tours aéroréfrigérantes de 31 kW chacune)
- 080302 03 Installations de traitement des eaux résiduaires dans des installations autonomes qui sont rejetées par une installation couverte par le chapitre II de la loi modifiée du 9 mai

2014 relative aux émissions industrielles (installation « Wilms » traitant les eaux de procédé)

Do dernieft gouf et och nach eng Geneemegung no de Bestëmmunge vum ofgeännerte Gesetz vum 9. Mee 2014 iwwert industriell Emissiounen (Annexe I):

- 2.3.c. Transformation des métaux ferreux : application de couches de protection de métal en fusion avec une capacité de traitement de 64 tonnes d'acier brut par heure (korrespondéiert mat der Nomenclature 040609 03 02 supra.)
- 6.11. Traitement des eaux résiduaires, dans des installations autonomes ne relevant pas de la directive 91/271/CEE, qui sont rejetées par une installation couverte par l'annexe I (korrespondéiert mat der Nomenclature 080302 03 supra.)

**4. Gouf de Site nom Enn vun der Notzung an deem Zoustand un de Staat zeréckginn, sou wéi den Artikel 13, Paragraf 7, vum Commodo-Incommodo et virgesäit? (*Toute cessation d'activité doit être déclarée à l'autorité qui a délivré l'autorisation et qui fixera les conditions pour assurer la décontamination, la démolition des immeubles, l'assainissement du sous-sol et la remise en état du site.*)**

De Curateur vum fréiere Propriétaire vun den Halen huet d'Cessation d'activités den zoustännegen Autoritéiten deklariéiert, konform zu de gesetzleche Bestëmmungen.

Lëtzebuerg, den 03. Juli 2026

Minister fir Wirtschaft, PME,  
Energie an Tourismus,

(s.) Lex Delles